1. A wéi engem Kontext hat Dir Kontakt mat der IGP?

Nombre de réponses : 99



Réponses "Anere Beräich (preziséieren) :" :

Zeienausso
Een Bierger huet Lijen erzielt iwert mech, gouf klasseiert. Zweetens Zeien an enger Affaire administrative.
Am Beräich vun Aussoen zu verschiddenen Dossieren. Souwuel en presenz resp. per courrier.
Zeien

2. Wéi bewäert Dir d'Neutralitéit an d'Onparteilechkeet vun der IGP an der Gestioun vun Ärem Fall oder Ärer Situatioun, an och de Fortschrëtt vun der Enquête à charge an à décharge?

Nombre de réponses : 100



3. Hutt Dir onnéideg Delaien oder Komplikatioune bei der Veraarbechtung vun Ärem Dossier duerch d'IGP bemierkt?

Nombre de réponses : 97



4. A wéi engem Mooss fillt Dir Iech vun der IGP respektéiert a wéi hu si Iech nogelauschtert ?

Nombre de réponses : 98



5. Wéi eng Aspekter vun der Aarbecht vun der IGP, mengt Dir, musse verbessert ginn?

Nombre de réponses : 94



Réponses "Anere Beräich (preziséieren) :" :

En Enquêteur vun der IGP misst eng mindestunzuel vun 10 Joer op enger operationeller Unitéit (C3R) geschafft hunn.
Villäicht ganz einfach genee dat opschreiwen, wat en ausseet, an net de Saz ëmformuléieren. (War net schlemm bei der Geschicht déi nix war.)
Datt een och à décharge ermettelen muss, respektiv keng Wierder am Verheier verdreinen/erfannen däerf
nee ech fannen se maachen daat korrekt
Respekt vun der Unschuldsvermutung. Besser Kenntnisser an Uwendung vum CPP.
Emgang mat den Polizisten (Et get een mei schlemm behandelt wei en PESAPI op der Strooss)
Vun Affaire waat Arbeschtskollegen betrefft hun ech Gefill d'IGP schafft eischter à charge an geet dovun aus de Polizist as am Feeler.
Och bei der IGP gin et feelverhalen vun den enqueteuren. Hei soll den Beamten d'Meiglechkeet gin sin, sech kennen doriwwer ze beschweieren an en suivi resp eng aentwert op d'Beschwerde ze kreien.
KA
Wann eng IGP enger Affär iwwerhëllt kann een io verlaangen, dass sie sech un déi legal Procèduren haalen, waat awer net emmer den Fall ass.
IGP huet bewirkt dass den gesonden Mënscheverstand an der Police net méi applizéiert gëtt, aus Angscht "Feeler" ze machen. Just nach alles Dingscht no Virschrëft. Dat kënnt dann do baussen och net gutt un.
Anti police attitude
Ech sin mir als Zeien virkomm wéi en Beschellegten.
Respekt vum Privatliewen (Trennung Police-Privatliewen) gedd NET respektéiert.

6. Sidd Dir am Allgemengen zefridde mat Ärer Erfarung mat der IGP ?

Nombre de réponses : 100



7. Huet d'IGP Iech erlaabt Iech ze verdeedegen oder Informatiounen ze ginn fir Är Situatioun ze klären?

Nombre de réponses : 99



8. Hutt Dir Drock verspuert oder en externen Afloss wärend Ärer Interaktioun mat der IGP?

Nombre de réponses : 100



9. Mengt Dir, datt d'IGP seng Approche bei der Enquête vun de Polizisten kéint verbesseren? Wann jo, a wéi enge Beräicher?

Nombre de réponses : 92



Réponses "Anere Beräich (preziséieren) :" :

Neutralitéit
méi Respekt virum Polizist, an manner Iwerhéiflechkeet
nee d ass alles ok
Nee
Enquête à charge & à décharge
Objektiviteit
PESAPI Rechter respekteieren an Leit net enner Drock setzen mat Mandat etc den et net gouf
Neutraliteit
IGP Beamten eventuell ersetzen durch NET POLICE Personal.
keng Viirveruerteelung
Anere Beräich (preziséieren) :
Professionnalitéit, Neutralitéit, Respekt, Enquête à Charge et à Décharge
Net virurdeelhaft eng Decisioun treffen, bzw sech just ob daat baséieren, waat de Bierger dem Polizist firgeheit huet.
Einfach manner iwerdréiwen an d'Leit schaffen loossen. D'IGP abuséiert sëlwer hir Muëscht, an machen an hiren Prozeduren och villes falsch.
Méi a décharge schaffen an méi large den complément d'instruction unhuelen

10. Wëllt Dir weider Explikatioune ginn iwwert Är Erfarung mat der IGP oder eventuell Virschléi fir d'Verbesserung vun der IGP maachen :

Nombre de réponses : 45

Réponses :

Haut gett quasi all Szene gefilmt, an duerno all eenzel Millisekonn zech Mol nogekuckt an analyséiert. Ech fannen dass souwuel Riichter, ewei och Leit esou Opnahmen just 1 Mol kucken dierften, dann si opgrond vun der Enger Opnahm och missten Décisiounen treffen an hir Enquête féieren. Eng Szene opgrond vun der ee Polizist muss bannent enger Sekonn eng Décisioun treffen, kann dësen jo och net nach X-Beliebeg mol zeréckspullen an all Eenzel Millisekonn d'Biller genau Analyséieren fir séng Décisioun ze hannerfroen.

Et ass net am Interesse vum Polizist wann Affairen bei der IGP schleefen. Zeien goufen ereicht no 7 Méint gefrot. Ech no 9 Méint. Fir eng Saach déi schonns um Pobéier kloer a ganz onkomplizéiert war. Ech hunn mech wirklech gefrot, wat maachen déi wann et méi komplizéiert get.

Op der IGP gett een frendlech an korrekt empfang. Den Emgang an der Vernehmung wei och Verheier sin korrekt.

Mee sie schaffen just à charge an hun sech hiert Bild gemeet ier een rankennt.
Sie schreiwen just daat op waat sie wëllen an et muss een d'Vernehmung/Verheier ganz genau iwwerliesen well sie verdreinen d'Wierder. Hier Verheier/Vernehmungen sin dodurch extrem onprofessionnell.

Mee den Emgang mat engem selwer ass wei gesoot ganz fair an korrekt.

D'IGP misst och vun enger Instanz iwwerwaacht ginn! Wien kuckt, ob si hier Prozeduren anhalen?

Eng mei mënschlech an respektvoll Art an Weis wir wenschenswert. Esou wei vun den Policebeamten erwaart gett onparteiesch, repsektvoll an mënschlech ze sinn, misst een jo och vun der IGP kennen erwaarden.
Et kennt engem fier wei wann verschidden Leit vun der IGP keinten maachen an lossen waat se wellen, an keen kann/well eppes dogeint maachen.
IGP kontrolleiert Police awer keen kontrolleiert si.

Méi Openheet iwert all Saachen beim Kontakt, brengt och manner Messtrauen an éischter Vertrauen.

bei mengen 2 Enquêten war et éischter de Volet vum Parquet, deen net geklappt huet: si haaten 2x "ganz vergiess" mir matzedeelen, dass d'Affairen "classées sans suites" wieren. No dem Interrogatoire krut ech guer keng Info méi, weder dass d'Enquête ofgeschloss wier vun der IGP, nach dass de Parquet eng Decisioun getraff hätt - a souz dofir iwwer Méint am Ongewëssen, well ee sech jo dann awer alt Gedanken mëscht (och wann ee fir sech weess, dass een näischt falsch gemaach huet...)

Et huet een Gefill wann een bei sie geet, dass do présomption d'innonce net gief zielen ënnert dem Motto " Du bass jo bass jo secher net vir näischt hei" . Et misst och emol an hierem jährlechen Rapport gesoot gin, wieviel affaire ken suite kritt hun an net nëmmen die affairen erwähnen die eng suite kritt hun

Ech wëll hei just präziséieren, datt et dovunner ofhänkt, ween Enquête bei der IGP féiert. Et ass wéi iwwerall, et ginn gudder an och daer anerer.

Vu menger Vue, kann ech just soen, dass ech nogelauschtert kritt hunn, esouguer ermontert gi sinn eng réclamatioun géint een CS an d'Weeër ze leeden, well deem säi Verhalen vav vu mir nët korrekt war. Uschléissend krut ech perséinlech ugeruff an sinn iwwert évaluatioun vun hirer enquête informéiert ginn an zum Schluss krut ech och nach schréftlech hir Conclusioun matgedeelt Fir mech huet IGP do hir Aarbecht ganz gutt gemaach. An engem anere Fall (enquête adiministrativ), dat läit mindestens 10 Joer zréck, waren si och ganz korrekt an transparent.

nee ech hun do naischt hinzuzefügen

Aus perséinlecher Erfahrung an opgrond vun deem waat ee vun Arbechtskolleegen iwwer d'Enquêten vun der IGP héieren huet, sinn de Gros vun den Ermëttler komplett virageholl. Dementspriechend loossen se daat dem implizéierte Beamten spieren an zwar an der Art a. Weis wei se mat engem ëmginn. Et huet ee sou direkt d'Gefill, dass et just an eng Richtung geet an zwar "à charge" géint de Polizist. Ech wëll hei d'Behuelen vu verschidden IGP-Beamte uschwätzen.
Des Weideren convoquéieren se oft Beamten ouni genau op d'Stroofdooten, dei engem virgeworf ginn (Art, Platz an Zaitpunkt vun der Stroofdoot) ze erwähnen oder op de gesetzleche Rahmen anzegoen, obwuel daat vum CPP virgesinn ass.
Oft ginn de Beamte Steng an de Wee geluecht oder d'Liewen mei schweier gemach, z.B. wann eppes saiséiert gouf (Handy) an daat méintlaang bei hinnen um Büro leit, obwuel et scho längs ausgewert gouf. Fir en Enquêteur ass et net schweier een Transmis op de Parquet oder d'Utersuchungsamt ze schreiwen fir dass d'Saisie opgehuew gëtt. Daat beweist entweder schlechte Wëllen oder Inkompetenz par rapport zum CPP.

Meng Erfahrung matt der IGP war gudd an schlecht, an daat beim nämlechten Enquêteur, vlait haat en e schlechten Daag. Dei eng Enquête administrative war zu 100% korrekt an neutral, an dei aaner war dermossen à charge, dass souguer den deemolgeen DG adj., dest moneiert huet an d'Affaire administrative doweinst souguer klasseiert huet an et net disciplinaire gouf. dest obwuel d'Geigenpartei d'Elementer fier d'Décharge uginn huet, an ech natierlech zu all Moment koopereiert hun an zu mengem Feeler stoung.
An der pénaler Enquête wou ech zeien war, do kann ech naischt negatives soen, et war e komplexen Dossier wou vill nei Elementer all Keiers baikoumen an een och dozou huet missen geheiert ginn. Dass verschidden Vernehmungen matt Pausen bis zu 5 Stonnen gedauert hun war halt esou an huet jo och zur Opklärung an Informatiounsgewennung an deem Dossier baigedroen. Do waren d'Enquêteuren och super korrekt.

Nee

Eng fu mengen Erfahrungen, war datt ech Joeren nodeems ech bei d'IGP geruff gouf, bescheet gesot krut, datt d'Affaire matt der Nummer XX sech erleedegt huet. Weieng Affaire dat wier stoung net an der Email. Ech hunn dunn och puer Mol missen uruffen bis mer een um Telefon äntfere konnt wat d'Affaire matt der Nummer XX wier.

Se misste verschidden Affaire schonn am Viraus besser Aanaliséiere kennen an doduerch klasséieren ier se ons mat prise de position onnéideg ophalen.

- ech sinn als Polizist vun engem Buergemeeschter bedroht ginn! Krut gesot dass ech meng Arbescht geif verleieren an an an.

- ech hunn als Polizist en PV erstallt an un den Parquet weiderginn!

- den Buergemeeschter huet sech bei der IGP beschweiert wourobhin eng Enquête opgemach gouf obwuerl ech en PV erstallt hunn!

- Mein PV ass classeiert ginn mee der Enquête vun der IGP ass een nogangen.

Aplatz onparteiesch ze sinn gett EMMER géint den Polizist enquêteiert.

IGP misst selver en Kontrollorgan kreien an sech net selver kontrolleieren!

Extrem à charge. Enqueteur huet extremen drock ausgeübt mat Drohungen: DU GEESS AN DE PRISONG SETZEN asw... Stonnenlaang verhéiert ginn ennert aller Sau. Esou mat Leit emzegoen kann ee Polizist sech net erlaaben. An aner Affairen mat aner Enqueteuren ähnlech Erfahrung. Lauschteren net no. keng Elementer à décharge. extrem schlecht Enqueten gemeet. Elementer à décharge ginn net berécksichtegt. A menger Zeienausso gemeeten Inculpatiounen vun aner Beamten goufen net berécksichtegt an ennert den tapis gekiert. A mengen Aan sinn dat kriminell Machenschaften. IGP gehéiert opgeléist.

Opgrong vun rezenten Erfahrungen mat Beamten vun der IGP, fällt et mer ganz schwéier hei positiv op déi gestallten Froen ze äntwerten. Ech ka soen datt déi ganz Aart a Weis, wéi d'Enquête géint eng Matarbeschterin gefouert gin ass, definitiv net an der Reih wär.
Vun Menschlechkeet, Transparenz, Kommunikatioun an Onparteilechkeet kann een do secher net schwätzen.

D'Art a Weis wei mat de Beamten verfuer get, as enner aller Sau. Dest gelt zu Gleck net jiderengem. Verschidden Beamten missten onbedenkt mol schulungen machen.

Den Emgangstoun vun verschidden IGP Membren muss sech drasteg änneren. Schleefend Dossiers vun z.B. 5 Joer an oft méi, sinn een NoGo. Ex Polizisten hun aus Neutralitéitsgrenn naischt op enger IGP verluer! E Beispill: Op der IGP setzen Beamten, mat denen een oft e puer Joer zesummen geschafft huet, an dann gett een enger Daages vun denen als Pesapi virgelueden.

Divers Dossieren an Enqueten laafen zanter Joeren, an et kridd een NULL Feedback wou den Dossier drun ass, op en oofgeschloss ass asw...

meng Enquête as just à Charge geféiert gin. Nët all Zeien sin gehéiert gin. 10 Leit hun während 4
Joër a mengem Dossier geschafft an um Enn war et naïscht méi. 4 Joër sin ech nët gehéiert a wosst nie wat mir am Detail virgeworf guef. Um Enn war naischt drun, ech krut Depressiounen,
hun missen a Behandlung an dun an d'Pensioun. Keen huet sech interesséiert wéi den „Psychoterror" sech op meng Gesondheet ausgewierkt huet. Haut sin ech an der Pensioun a schaffen nach emmer drun meng Depressiounen enner Kontroll ze kréien.
IGP huet ennert der Regie vun der Mme STIRN eng enorm Muecht an hier Beamten hun eng richteg Metamorphose matgemach a komplett vergiess, dass eng Enquête à charge an à décharge gefouert muss gin. Wann op engem normalen Büro vun der Police esou lang gebreicht géif gin fir eng Enquête ze féieren, dann wir schon lang bei der IGP eng Enquête opgemach gin.

Et soll een sech kennen vun engem Vertrieder vun der SNPGIL bei den administrativen ewei diziplinareschen enquêten ennerstezen lossen (un défenseur de son choix!! waat net en affekot muss sin). Vill Beamten, fierun allem jonker, huelen sech keen affekot well et deier ass en se sech denken, dass daat schon waert goen. Seitens den enquêteuren gett vun deser situatioun profiteiert fir drock auszeüben.

D'délaien sin onwarscheinlech laang (fierun allem dei disziplinaresch) et kann net sin dass en beamten 5-6 joer op enger affair setzten bleiwt an am ongewessen bleiwt,. Daat brengt en immensen psyschechen Drock mat sech, waat fir d'aarbeschtsqualiteit absolut net ze gebrauchen ass.

Daat selwecht gëllt fir d'suspendeierung vun den beamten. Et dierft net sin, dass en beamten joerelaang suspendeiert ass an um geriicht ewei bei der IGP et net fierun geet.

Dann nach eng remarque zu den verhaftungen vun den beamten. Daat ass eppes waat an mengen aen absolut net muss sin. Do huet een d'gefill, dass een als polizist en extra traitement kritt. Leit dobaussen gin fir dei selwecht geschichten net verhaft. Verschidden saachen ok mee net bei allem

Aarbecht ged um Terrain emmer méi schwéier. Et kann een sech dobausen guer net méi wieren, well een direkt muss faerden, dass erem eng Enquête vun der IGP gemaach ged. Am Moment huet een wirklech Gefill, dass Sie all Affaire nogin.

D'IGP huet den Ament zevill Muecht. Wann een als Polizist pesapi ass, dann soll een och sou wei mir d'Leit als pesapi behandeln, oder behandelt gin. Nach sin mir emmer Polzisten, an och den eenzelenen kann Feeler maachen. Mee wei d'IGP ons behandelt, ass een ganz kloren NO-GO.
Beispill: Um 7 Auer moies virun der Dier fir nemmen een Handy ze saiseiren. Kanner nach am Bett, d'Fra zesummengebrach, an sou weider.. Am Kuer Deontologie, huet den Här Fally d'Polzisten dorop hingewisen, mei menschlech ze sin. Hypocrisie

Dossieren daueren ze laang, dëst zoumols am Disziplin. Och si missten Delaien gesat kréien.
Och misst IGP vun engem Externen Auteur kontrolléiert ginn a net duerch sech selwer.

Virschléi: méi Transparenz am Allgemengen
D'Décisiounen vun der IGP sollen och kontrolléiert ginn/a Fro gestallt ginn.

D'IGP brauch och een externt Organ déi si kontrolléieren.

An enger grousser Affär, wou ech naischt dofir konnt, behandelt gin ewei en I.... , et war gutt dass en Affekot hat, well deen huet dono nach bal 3 Stonnen d'Verheier verbessert, well naischt esou stung wei ech et gesoot hat.

Di 2. Affär, war eng Administrativ, wou u sech ech naischt falsch gemeet hat, a mir naischt reprocheiert konnt gin, mee d'Äntwert un den Direkter, war falsch!! Do stunge Saachen dran, dei net gestemmt hun! Ech hu weider naischt do gemeet, well ech et einfach lachfat fannen, wat se sech eraushuelen..... An hu mech u sech emmer gefillt ewei en Delpes....

Am Fall wou eng Reklammatioun ze onrecht gemeet gouf, nemmen aus mutwell geint ee Beamten missten sie och penalement geint dei Persoun een Dossier maan.

se sollen neutral sin an dest hun ech an 25 Joer dengscht an 8-10 Kontakter mat hinnen nie verspuert... et war baal emmer à charge an de décharge waren an puer Wieder kuerz dobai... mengt een se wären stolz den Beamten ze treppelen...

Ech war an enger affaire penale an gouf frai geschwat. Ech wollt während da prozedur eng plainte geint dei aaner partei maachen. Do krut ech gesot "dir (generell fir police) mat äte konterplainten" , et huez mir keen vun da IGP dobei gehollef meng rechter wouer ze huelen, et huet mir och kee gesot dat ech een Affekot zeguud hat vum Staat. Häd ech Gewerkschaft net gehat wir dat mat Secherheet nohanne lass gaang.

D'IGP muss vun enger externer neutraler Instanz kontrolléiert gin.
Et kann net sinn, dass d'IGP sech selwer kontrolléiert an et quasi onméiglech ass, sech géint e Beamten vun der IGP ze beschwéieren.

Et geet scho mat der Convocatioun un. Mir mussen Natur vum Fait, Datum vum Fait asw... ugin fir een virzelueden. Krit een vun der IGP eng Concocatioun, wees een dacks mol net em wat et geet

Extern Leit ustellen an keng freier Polizisten!

Si sollen sech net sou ausgibeg mat Banalitéite beschäftegen, di sech aus der alldeeglecher Aarbecht erginn, an verschidde Saachen einfach "klasséieren".
Et geet net duer, sech nëmme mat Fakten ze beschäftegen, eis Aarbecht ass méi Komplex wéi dat. Fakt ass jiddefalls, dass di Saachen duerno net opgeschafft ginn, eng Strof, a basta.

Ech hunn op der IGP schonn ganz gutt Erfarungen gemaach awer och schonn eng ganz ganz schlecht Erfarung.
Ech sinn der Meenung, dass eng IGP net vun alen Polizisten dierf besat sinn, mais vun externe Juristen, déi naicht mat den Polizisten um Terrain um Hutt hunn. Et waren Beamten op der IGP déi ganz kloer méi interesséiert waren Dossiere vun diversen Déngschtstellen/Beamten ze iwwerhuelen, well dat hinnen e perséinlecht Uleies schéngt gewiescht ze sinn.

Wann een extern Juristen dëst Aarbecht maache léisst, ëmgeet een déi Problemer, well déi Leit keen direkte Lien méi zu den Polizisten hunn.
Weider hunn ech d'Erfarung gemaach, dass an enger Enquête prozedural Feeler geschitt sinn, déi net ze verzeien sin, an grad bei enger IGP net dierfe virkommen. Et huet een och d'Gefill, dass verschidden Léit, natierlech net all, sech och bewosst iwwert verschidde Gesetzer ewechgesat hunn, well de Polizist ënner Émstänn ageschüchtert ass, an net wiere kann/well/sech traut.
Dann kënnt de Punkt, dass et kee Kontroll-Organ vun der IGP gëtt. Wann een sech do beschwéieren well, dann weess een net genau wou, bei weem, an op dat Uleies iwwerhaapt op en oppent Ouer trefft an en Suivi huet een souwisou net.
Wéi gesot ass dëst net géint all Beamten op der IGP geriicht, mais ebe verschiddener, mais dëst geet duer fir d'Bild vun der ganzer IGP schlecht ze maachen.
Saachen déi virkomm sinn:
-Beamten sinn wärend der Vernehmung beleidegt an erofgemaach an als schëlleg duergestallt ginn obwuel nach net de Contraire bewise ginn war/konnt bewise ginn.
-Säiten aus dem Dossier sinn geschwäerzt an et kritt ee keng Erklärung wisou.
-Handy'en bleiwen weit iwwert dem raisonabelen Délais saiséiert a wann een se rëm kritt, sinn se komescherweis futti.
-Dossier'en sinn extrem laang an Beamten bleiwen jorelaang suspendéiert, onwëssend wéi et an hirer Carrière weider geet

Et muss ee just den Dossier d'läscht Joer op der Gare kucken aus dem eng reegelrecht Hexejuegd gemaach ginn ass.

Mech huet just einfach d'Décisioun vun der IG a menger Affaire gestéiert, déi sech einfach nëmmen ob daat baséiert huet, waat de Bierger dobaussen dem Beamten reprochéiert huet a net verstan huet, wéi ech als Beamten meng Affaire ugangen sin. Daat war schon enttäuschend ze gesin, datt meng Erklärungen zu dem Fall 0,0 verstan bzw obgeholl goufen. Et as einfach nëmmen gesot gin, de Beamten huet sech net un die richteg Virgehensweis gehal.

Eng IGP soll et kloer ginn, mee se sollen den Abus an der police verhënneren, an net selwer abuséieren.
D'IGP huët der Police an hirer Arbecht an hirem Ruff méi geschued wéi soss eppes. Et traut elo keen sech méi um Terrain ze schaffen.

Et huet een Gefill dass IGP just an nëmmen à charge vun engem enquéteiert an een fir domm dohinnerstellt. Op esou Plaatzen geheieren Juristen an keng Ex-Polizisten !

Ech hat bis elo zwee Mol mat der IGP ze dinn. Eng Kéier eng administrative Affaire wou den Emgang zwar relativ normal war,mee bis haut (no méi wéi 3 Joër) nach emmer keng Reckmeldung krut). Eng zweet Kéier als Zeien. Do sinn ech mir virkomm wéi en Beschellegten. Mol nët keng Hand ginn an knapps Moien gesoot. Als normalen Polizist gett en Respekt am Emgang mat all Leit geléiert an wann net, dat steet IGP schon do.... Ech schloën vir dat Sie mol sollen bei sech ufänken. Ech hat vläit och eng schlecht Erfahrung, mee den éischten Androck ass prägend. Ech well elo net allgemeng hei géint IGP goën, well et schaffen och Leit do déi en respektvollen Emgang un den Daag leeën. Dofir soll et och méiglech sinn, dat en och bei hinnen Reklamatiounen géint Personal kann eranreechen an dat och eppes erfollegt.

Et muss een kennen Recours géint eng administrativ enquête huelen, an net einfach gesot kréien, dass een keen ableck an den Dossier dierf kréien, "well d'Polizisten souwiesou emmer en Problem fannen".

et misst een Organ gin, deen d'IGP kontrolléiert. Se machen e bessen wat se wëllen. Et huet een d'Impressioun, dassen se et op den Polizisten setzen hun.

Folgendes geif ech nach gären bäifügen:

Bei enger Enquête, wou en seng Aussoen bei IGP maachen geet, kritt en keng Ansicht an den Dossier. Et gett en nemmen kleng Brochdeeler gewuer, an et kritt en net gesot, wat engem reprochéiert gett. Wann en dann nofreit, kritt en keng éierbar Entwert. Et gett en bewosst an der "Schwebe" geloss. Et ass keng Transparenz an keng éierbar Kommunikation tëschent dem Beamten vun der IGP an dem Polizist.
Ech fannen och, dass en am Verhéier vun der IGP un den Pranger gestallt gett. Dest enert anerem mat Froen wéi: Dat heescht Dir hutt wierklech Gefill / oder sidd der Meenung, dass Dir naischt falsch gemach hätt? Déi Persoun bild sech dat jo awer net an? Well Dir soen, dass di Persoun gelunn hutt?.
An dësem Sënn gett Ausso vum Polizist mat engem gewessen Ennertoun, emmer an Fro gestallt. Ech denken, dass IGP den Polizist domader veronsecheren well. Dat entsprecht awer fir mech keng neutraler Enquête, oder gett den Plaignant och dementspriechend an Fro gestallt an behandelt?
Och hunn ech bis elo ALL Kéiers, wann ech eng Ausso hunn missen machen, egal op Témoin oder Pesapi, missen herno drop bestoen, dass meng Aussoen an mengen Wierder néier geschriwwen ginn. IGP verdréint dem Polizist seng Aussoen an der Audition an schreiwt Saachen annescht op, wéi en se gesot huet. Nemmen, fir dass se hinnen an hir Enquête eranpassen. Dat féiert emmer zu Diskussionen, an et muss en sech wierklech behapten. Doropshin gett en vum Beamten vun der IGP an Lächerlecht gezunn an et gett erofgespillt. Fir jonk Polizisten, ass dat eng onfair Situation, well déi duerch hir Onerfahrenheet, eischter dann noginn, an awer direkt ennerschreiwen.

Fir awer nach eng Kéier dat erauszehierwen, fannen ech et net fair an richteg, keng Ansicht an den Dossier ze kréien, befir ech meng Aussoen muss maachen. Spéitsdens während der Audition, misst en fair gesot kréien, em wat et geet, wen Plainte gefouert huet, an wat behapt gouf.

Ech kann bis dato, iwwert keng positiv Erfahrung mat der IGP berichten.

mbG